# ELVERE – Bicher-Secondhand-Maart

# 20. November 2022 (14.00 – 17.00)

*Centre Beaurepaire; Schoulstrooss, L – 6831 Berbueg*

## Reegelen an Conditiounen

***Wat fir Bicher kënnt Dir verkafen?***

- Kanner- a Jugendbicher
- Bicher a guddem Zoustand
- Fir däitsch Bicher: nëmme Bicher an neier däitscher Rechtschreiwung (no 1996)
- Max. 80 Bicher pro Famill

***Präis vun de Bicher***

- Dir leet de Präis selwer fest (an dee gëtt dann och net méi verhandelt)
- 25% vum Erléis vun engem verkaafte Buch si fir d'ELVERE (domadder ënnerstëtzt Dir flott educativ Projet'en vun der ELVERE)

***Wat maachen ech mat menge Bicher?***

- D'ELVERE verkeeft Är Bicher
- Kee Verkaf vu Kanner- a Jugendbicher op den Dëscher vum „normale" Secondhand-Maart (De Bichermaart ass um éischte Stack vum Centre Beaurepaire).
- D'ELVERE sammelt all Bicher den Dag virum Floumaart, Dir sollt se ofgin, Samsdes moies de 19. November tëschent 9 an 11 Auer am Centre Beaurepaire zu Berbueg
- Ier Dir Är Bicher bréngt musse se gezeechent sinn (am beschte ofzéibare Scotch, oder Malerkrepp)
    - Präis
    - Verkeefer-Nummer (kritt Dir no der Umeldung vun eis gesot)




- Bréngt Är Bicher w.e.g. an enger "Ökotut" oder enger Këscht mat
    - d'Këscht/Tuut soll och mat der Verkeefer-Nummer gezeechent sinn

***Wéi kréien ech meng Suen?***

- D'Suen vun Äre verkaafte Bicher (minus déi 25% fir d'ELVERE) iwwerweise mir Iech nom Bicher-Secondhand-Maart op dee Konto, deen Dir bei der Umeldung uginn hutt

***Onverkaafte Bicher***

- Dir kënnt Är onverkaafte Bicher nees siche kommen nom Secondhand-Maart, Sonndes tëschent 17.30 an 18.15 Auer (mir kënnen se Iech net direkt um 17 Auer gi well mir se fir t'éischt mussen sënneren)
- Bicher déi net ofgeholl gi spende mir un lokal Institutiounen